



Sommaire

- 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale
 - Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances: Mme Sylvie Andrich-Duval
 - Discussion générale: M. Eugène Berger, M. Jean Colombero, M. André Hoffmann
 - Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration
 - Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel
- 6082 - Débat d'orientation au sujet de la 15^e Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur le changement climatique (UNFCCC) à Copenhague
 - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Fernand Boden
 - Débat: M. Marcel Oberweis, M. Fernand Boden (dépose une motion), M. Eugène Berger (dépose deux motions), M. Roger Negri, M. Camille Gira (dépose une motion), M. Jean Colombero, M. André Hoffmann
 - M. Fernand Boden
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures (M. André Hoffmann et M. Eugène Berger lui posent des questions)
 - Motions: M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures, M. Marco Schank, Ministre délégué au Développement durable et aux Infrastructures, M. Jean Colombero, M. le Ministre Claude Wiseler, M. André Hoffmann, M. Camille Gira (à qui M. Lucien Lux répond), M. Jean-Louis Schiltz, M. Eugène Berger
 - Vote sur la motion 1 (adoptée), M. André Hoffmann
 - Vote sur la motion 2 (rejetée)
 - Vote sur la motion 3 modifiée (adoptée)
 - Motion 4: M. Jean Colombero, M. Camille Gira
 - Vote sur la motion 4 (rejetée)
- 6079 - Débat d'orientation sur le financement des grands projets d'infrastructure réalisés par l'État
 - Rapport de la Commission du Développement durable: M. Fernand Boden (dépose une motion et une liste de projets)
 - Débat: M. Fernand Etgen, M. Fernand Diederich, M. François Bausch, M. Jacques-Yves Henckes (dépose une motion), M. Roger Negri
 - M. Claude Wiseler, Ministre du Développement durable et des Infrastructures
 - Motion 1: M. François Bausch
 - Vote sur la motion 1 (adoptée)
 - Motion 2 (irrecevable)
- Ordre du jour
 - M. le Président

Au banc du Gouvernement se trouvent: Mme Marie-Josée Jacobs, MM. Claude Wiseler, Marco Schank et Romain Schneider, Ministres.

(Début de la séance publique à 14.30 heures)

► **M. le Président.**- Ech maachen d'Sitzung op.

Mir kommen elo zum Projet de loi 5830 iwwert d'Aide sociale. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. Bis elo hu sech just ageschriwwen: déi Häre Berger an Hoffmann. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval. Madame Andrich-Duval, Dir hutt d'Wuert.

1. 5830 - Projet de loi organisant l'aide sociale

Rapport de la Commission de la Famille, de la Jeunesse et de l'Égalité des chances

► **Mme Sylvie Andrich-Duval** (CSV), rapportrice.- Merci, Här President. Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de virleiende Gesetzesprojet féiert bekanntlech e Recht op Sozialhëllef hei am Land an an ersetzt eng vereelte Gesetzgebung aus dem 19. Jorhonnert. Jiddwereen, dee sech zu Lëtzebuerg ophält, huet d'Recht op Sozialhëllef, déi him et soll erméiglechen, e mënschewierdegt Liewen ze féieren.

Ofgesi vun deene ville Gesetzesinitiativen aus de leschte Jorzéngten, déi insgesamt

an der Sozialpolitik geholl goufen, ass et elo och absolut dréngend, fir d'Sozialhëllef op lokalem, also kommunalem Niveau nei ze organiséieren. Dat heescht, dass de Fonctionnement vun den Office-socialen nei geregelt gëtt. Et si jo d'Gemengen, déi no beim Bierger sinn an domat beschstens placéiert sinn, fir de Mënschen an Nout an hirem direkten Ëmfeld déi néideg Hëllef zoukommen ze loossen iwwer eng Vernetzung vun den Hëllefsservicer op lokalem Niveau.

De Moment ass et ëmsou méi dréngend, well a Krisenzäite geet et de Leit manner gutt, an eng ganz Rei Leit vun hinne wäerten op Sozialhëllef ugewise sinn. Et kënnst also ouni Zweifel méi Aarbecht op d'Office-socialen duer. Dat bestätegt sech iwwregens och elo schonn um Terrain, wéi zum Beispill an der Stad Lëtzebuerg an zu Esch, wou d'Zuel vun de Leit, déi Hëllef brauchen, massiv an d'Luucht geet.

D'Chamber huet sech jo scho mam Projet de loi 5830, deem den 22. Januar 2008 vun der Familljeministesch, der Madame Marie-Josée Jacobs, déposéiert gouf, an hirer Sitzung vum 7. Mee 2009 befaasst an en éischte Vote geholl, trotz enger verbliwwener Opposition formelle vum Statsrot.

Dësen éischte Vote huet stattfonnt op Basis vum Rapport, deem zesumme vun där deemoleger Kommissioun vun der Famill, der Jugend an der Chancëgläichheet a vun der deemoleger Kommissioun vum Intérieur an der Landesplanung de 5. Mee dëst Joer ugeholl gouf. Duerfir wäert ech

och a mengen Ausféierungen net méi op d'Detailer vun där Gesetzesvirlag agoen, mä ech wäert mech limitéieren op déi néideg Explikatiounen zu deem, wat an der Tëschenzäit domat geschitt ass.

Just als Rappel: Déi Opposition formelle bezitt sech op de virgesinnene forcéierte Regruppement vun de Gemenge geméiss enger Awunnerzuel vu 6.000, fir en Office social ze bilden. Et ass jo virgesinn, dass all Gemeng vun op d'mannst 6.000 Awunner en Office social schaaft oder, wa se dat decidéiert, zesumme mat anere Gemengen engem gemeinsamen Office social bäitritt. Gemenge vu manner wéi 6.000 Awunner musse sech hirersäits mat enger oder méi Gemenge regroupéieren, fir op eng Mindestbevölkerung vu 6.000 Awunner ze kommen an esou e gemeinsamen Office social duerstellen, deem ënnert der Opsicht vun där Gemeng, déi den Haaptsätz kritt, gesat gëtt.

De Statsrot hat hei de Prinzip vun der kommunaler Autonomie invoquéiert, deem net géif respektéiert ginn. Déi Masse critique vu 6.000 Awunner huet awer an den Ae vun deenen zwou Kommissiounen e rasonnabele Kompromëss duergestallt, fir eng optimal Gestiou vun deenen neie Strukturen ze garantéieren an d'kommunal Autonomie esou wäit wéi méiglech ze respektéieren. Sou gëtt e vergläichbare Qualitätsservice am ganze Land ugebueden, deem no genuch beim Bierger ass.

Déi zwou parlamentaresch Kommissiounen haten déi Objektioun vun der Netkonformitéit zu der Constitutioun net opgegraff an decidéiert, de System, dee vun der Regierung proposéiert gouf, bäizebehalen. Doropshin huet de Statsrot d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel den 2. Juni 2009 refuséiert.

No de Wahle vum 7. Juni goufen d'Familljen-, d'Jugend- an d'Chancëgläichheetskommissioun gradesou wéi d'Intérieurs-, Groussregiouns- a Policekommissioun nei konstituéiert an der Chamberssitzung vum 28. Juli. D'Conférence des Présidents vum 30. Juli huet d'Familljekommissioun nees nei mam Gesetzesprojet befaasst, an d'Intérieurskommissioun gouf och nees mat bäizezunn.

Et kënnst awer elo haut net zu engem zweete Vote vum Gesetzesprojet, well déi parlamentaresch Kommissiounen nach zwee Amendementer zum deemools gestëmmtene Gesetzestext ugeholl hunn an hirer Sitzung vum 6. Oktober. Dës Amendementer sinn éischter technescher Natur a si folgend: Beim Artikel 37, deem ëm d'Atellung vun Personal um Familljeministère geet, fir déi Sozialreform ze begleeden, gouf d'Referenz op d'Budgetsjoeer 2009 gestrach. Beim Artikel 38 gëtt den Datum vum Akraafttriede vum Gesetz ëm ee Joer verréckelt, also vum 1. Januar 2010 op den 1. Januar 2011. Dat gëllt just net fir de vieregten Artikel 37, dee scho soll de véierten Dag no der Publikatioun am Memorial a Kraaft trieden, fir dass d'Personal vum Familljeministère déi Reform ka beschstens virbereeden. D'Gemenge sollen also hir Zäit gelooss kréien, fir d'Ëmsetze vum Gesetz anstänneg virbereeden, a kréien dobäi déi néideg Ënnerstëtzung vum Ministère.

De Statsrot hat iwwregens an enger Remarque a sengem éischten Avis vum 3. Februar gemengt, dass déi méi fréi Mise en vigueur fir den 1. Januar 2010 just an der Rei wier, wann déi legislativ Prozedur zur Zäit ofgeschloss wier. Sou huet de Statsrot dann och a sengem zweeten Avis complémentaire kee Problem mat dësen techneschen Amendementer gehat. E weist awer dorop hin, dass deem heitege Vote doduerjer nees als éischte Vote iwwert deem amendéierte Gesetzestext ze betruechte wier. Déi zwou Kommissiounen hu jiddefalls bestätegt, dass si sech dem Rapport vum 5. Mee 2009 géife ralliéieren, mat Ausnahm vun deenen zwee amendéierten Artikelen. De virleiende Rapport complémentaire gouf an enger gemeinsamer Sitzung den 10. November ugeholl.

Der Chamber recommandéieren ech, de Gesetzestext ënner senger neier Form ze stëmmen.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, heimat wäerte mer dësem wichtege Gesetz gréng Luucht erdeelen, fir dass déi Leit, déi an Nout geroden, op eng mënschewierdege Aart a Weis kënnen ënnerstëtzt ginn an och iwwerall am Land gläich behandelt kënnen ginn. En plus hunn d'Gemengen dann déi néideg Zäit, fir sech op dës wichtig Sozialreform virzubereeden. Heimat ginn ech och nach den Accord vun der CSV-Fraktioun zum virleiende Gesetzeprojet.

Merci.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Rapportrice, der Madame Andrich-Duval, Merci fir hire Rapport. Als éischte Riedner ass den Här Berger age droen. Här Berger, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

► **M. Eugène Berger** (DP).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, ech wäert elo net weider op de Projet agoen. Ech mengen, och nach d'Rapportrice huet jo hei déi puer Haaptelementer eng Kéier skizzéiert. Mir kënnen och eisen Accord ginn zu dësem wichtege Projet respektiv zu deem Amendement.

Ech wollt am Fong geholl nëmmen d'Wuert ergräifen, fir eng Remarque ze maache respektiv zwou Froen ze stellen un d'Ministesch, déi jo och hei ass. Zum Éischte wëll ech soen, datt mer begrëssen, datt virgesinn ass, datt de Familljen- an den Intérieursministère Informationsversammlunge virgesinn hunn, fir d'Personal vun den Office-socialen ze brieften, well do sinn awer nach eng Rei Froe bei de Gemengen, déi opstinn. Et ass also gutt, wann déi hinnen hei kënnen zur Säit stoen.

Ech hunn och zwou Froen dann nach iwwer eppes, wat eben net esou kloer aus dem Text erausgeet, an och, ech mengen, d'Madame Flesch, déi sech ganz vill an deem Dossier implizéiert hat, hat déi Froe jo schonn an der Vergaangenheet opgeworf, ouni definitiv Äntwerten ze kréien.

Duerfir wëllt ech déi Froen hei nach eng Kéier kuerz erläuteren. Dat ass zum engen déi Fro: Wéi ass den zukünftege Statut vum Personal vun den Office-socialen? Ginn dat alleguerte Privatbeamten oder net?

Dann ass et och esou, datt d'Funktoun vum Receveur, vum Gemengereceveur net am Gesetz drasteet. Duerfir ass et och dann net ganz kloer, wien d'Keese vun den Office-socialë géréiert. Ass dat de Service vun der Recette communale? Oder wéi ass dat och am Fall, zum Beispill, wann et Syndikater sinn?

Ech wier frou, wann d'Ministesch eis do awer kéint Opschloss ginn.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Berger Merci. Als nächste Riedner ass den Här Colombero agedroen.

► **M. Jean Colombero** (ADR).- Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, fir d'éischt e Merci un d'Rapportrice, d'Madame Andrich, fir hire mëndlechen a schrëftleche Rapport. Awer och e spezielle Merci, fir datt si deenen neien Deputéierten an der Chamber dëse Projet nach eng Kéier presentéiert huet.

Dëst Gesetz geet an déi richteg Richtung. Deen eenzege Regret, an dat ass hei scho gesot ginn, ass, datt eréischt 2011 dëst Gesetz zum Droe kënnst. Mir sinn elo schonn an enger sozialer Kris, a vill Leit klappen un der Dier vum Office social. Et ginn der ëmmer méi. Et wär virdeelhaft gewiescht, wann d'Gesetz direkt a Kraaft getruede wier.

Bei dësem Gesetz ass et wichtig, datt d'Leit am Virfeld informéiert ginn. Haptsächlech an de klenge Gemenge mat weéng Awunner, wou et nach haut als



Scham emfonnt gëtt, fir am Office social unzeklappen an ëm Almosen ze biedelen. Duerfir ass eng regional Struktur méi anonym, an hei kann een éischter uklappen, ouni weider ze fäerten, datt deen een oder deen anere mam Fanger weist oder déplaciert Remarquë mécht. Duerfir fanne mir déi Masse critique vu 6.000 Awunner pro Office social eng rasonnabel Approche.

En contrepartie zur Aide sociale huet den Office d'Recht, fir eng aktiv Participatioun vun den Demandeuren ze verlaangen, fir datt si méi autonom ginn. Et kéint ee sech virstellen, datt dës Leit sech méi aktiv um Liewe vun de Veräiner géifen interesséieren an hei duerch hiert Bénévolat dem Veräinsliewe méi Dynamik garantéiere géifen. Eng Hand wäscht déi aner.

Ech denken do un eng Participatioun bei de Pompjeeën, bei de Museksveräiner, bei de Sportsveräiner an esou weider, a firwat net eng aktiv Mathëllef an de Bëscher oder an de Gemengen? Et muss een alles ënnerehuelen, fir datt dës Leit net chronesch an hirer Situatioun vu Sozialempfänger bliiwen.

Da stellt sech d'Fro, ob déi Persoun, déi Sozialhëllef empfängt, déi zur Verfügung gestallt Mëttelen eng Kéier rembourséiere muss, wa si an eng besser Situatioun geréit. Sécherlech wäert dat absurd sinn, wa se eng nei Aarbecht géif fannen, fir déi Suen ze rembourséieren. Mä wéi ass et am Fall, wa si eng Kéier beim Lotto géif gewannen? Misst si dann der Aide sociale hir Suen zréckbezuelen?

Am Text gi mer am Artikel 31 gewuer, datt den Office social déi Sue kann zréckreklaméieren, wann eng besser Situatioun optrëtt. Dësen Artikel ass fir eis relativ vag a vläicht als Schwaachstell unzegesinn. Duerfir wéilt mer do vläicht déi eng oder déi aner Prezisioun hunn.

Dat gesot, Här President, bréngen ech den Accord vun eiser Fraktioun.

Merci.

► **M. Gast Gibéryen (ADR).**- Très bien!

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Colombero Merci. Als leschte Riedner ass den Här André Hoffmann agedroen. Här Hoffmann, Dir hutt d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Här President, mir haten am Mäerz 2008 - „mir“ heescht déi Lénk - en ausféierlechen Avis ausgeschafft zu där éischter Fassung vun deem Gesetz iwwert d'Offices sociaux, iwwert d'Aide sociale, also haaptsächlech iwwert d'Offices sociaux.

Mir haten deemools eng Rei vu Kritiken zum Text vum Gesetz ausgedréckt, déi awer zu engem groussen Deel entre-temps hifälleg sinn, well d'Gesetz effektiv geännert ginn ass op e puer wesentleche Punkten. Zum Beispill dee Kontrakt, dee virgesi war, ass eraus. D'Zuel vun den Awunner fir en Office social ass erofgesat gi vun 10.000 op 6.000. Mir haten deemools awer och gemengt, 3.000 wär eigentlech och schonn nach vill fir eng Assistante sociale, fir esou en Territoire ofzeddecken. Eraus ass och déi privatrechtlech Buchhaltung, déi virgesi war. Dat heescht, dat bleiwen elo wierklech Établissements publics, wéi et der waren.

Wat fir mech nach ëmmer net ganz kloer ass, dat ass d'Fro vum Droit. Ech sinn awer absolut derfir, dass hei den Droit drasteet, well dat ass wierklech e grouse Fortschrëtt. Par contre, dat, wat fir mech net kloer ass: Wéi gesäit et aus mat engem Recours par rapport zu engem Refus vun dem Droit? A wat fir Méiglechkeeten huet dann den Office social selwer, wann en eventuell géif veruerteelt ginn, well en engem Droit, aus wéi enge Grënn och ëmmer, net nokomm wär?

Dat heescht, do riskéiert den Office social hänken ze bleiwen op engem Punkt, wou en net responsabel ass, zum Beispill wann ee klot, e kréich net e Logement. Den Office social mécht awer keng Logementer, sondern d'Gemeng oder de Stat. An déi sinn awer am Fong geholl dann aus dem Droit eraus. Duerfir ass menger Meinung no do nach eng Onkloerheet.

E wesentlechen Deel vun eiseem Avis deemools bleift awer nach voll aktuell. Ech mengen haut nach ëmmer, dass mer d'Geeleehheet verpasst hunn, fir eng aner Logik, eng aner Philosophie an d'Sozial-

politik um kommunalen, um lokale Plang eranzekréien, am Sënn vun enger Politique de développement social local, régional. Wat dann nach géif natierlech bedeiten, dass ee sech nei Instrumenter och misst ginn a Richtung vun enger kontinuierlecher Sozialberichterstattung mat engem Service, deen um lokalen oder um regionale Plang sozial Analysen, sozial Planung ka maachen an esou weider an esou fort. Wat fir mech och bedeit, dass een an deem Sënn och d'Gemengegesetz misst änneren, an dass een den Développement social als eng Aufgab...

► **M. le Président.**- Här Hoffmann, Dir misst esou lues zum Schluss kommen.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Et ass dee leschte Saz, Här President.

...dass an d'Gemengegesetz also d'Aufgab vun de Gemengen am Beräich vum Développement social géif ageschriwwen ginn, wat natierlech dann awer och bedeit, dass d'Gemengen d'Méiglechkeet hätten, och finanziell a personell Méiglechkeeten, fir deenen Aufgaben nozekommen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen dem Här Hoffmann Merci.

(*Interruption*)

Elo kritt nach d'Wuert d'Familljeministesch Marie-Josée Jacobs.

► **Mme Marie-Josée Jacobs, Ministre de la Famille et de l'Intégration.**- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif wëlle fir d'éischt der Rapportrice, der Madame Andrich-Duval, Merci soe fir hiren zweete Rapport - wa se Chance huet, ka se och nach en drëtten maachen -, mä awer och där fréierer Kommissioun an hirer Presidentin an där jëtzege Kommissioun an hirem President, datt mer esou séier hei virukomm sinn an datt mer haut kënnen deen heite Projet fir d'éischte Kéier stëmmen, an ech hoffen, datt mer et da vläicht definitiv dës Kéier packen. Ech wëll och net méi op dat Gesetz agoen, wat mer en long et en large hei diskutéiert an debattéiert hunn a vun deem d'Madame Andrich elo nach eng Kéier déi eenzel Punkte virgestallt huet.

Ech géif wëlle probéieren, op déi Froen ze äntwerten. Den Här Berger hat gefrot no dem Statut vum Personal. Do wësse mer, datt, jee nodeem wéi d'Gemengen dat wëlle maachen, se fir d'Affären entweder selwer Personal kënnen astellen. Se kënnen dat astellen ënnert dem Statut vu Fonctionnaires communaux, se kënnen awer och dee Service erausgi bei eng Associatioun, wéi zum Beispill d'Croix-Rouge, dat da selbstverständlech Personal ass, wat ënnert dem Statut vum Salarié funktionéiert.

Respektiv därerf awer keen eppes verléieren. Dat ass an engem vun deene leschten Artikelen, wou drasteet, datt keen därerf ee vu sengen Avantagé verléieren duerch dat neit Gesetz.

Beim Receveur, do ass et jo esou, datt, wa méi Gemenge sech zesummendinn, se selwer entweder kënnen bestëmmen, wien dann dee Receveur ass, deen zum Deel fir si schafft als Office social, an dann awer och op där anerer Säit, dat muss jo da gedeelt ginn, mat där Aarbecht, déi deen eventuell nach a senger Gemeng hätt.

Wann ech d'Fro vum Här Colombero richteg verstinn, da geet et do éischter ëm de Remboursement. An do ass et jo esou, datt mer och am Fong elo ewell ëmmer Méiglechkeeten hunn, fir erëmfroen ze goen, wann entweder net gemellt gouf, wann d'Situatioun vun der Persoun sech verbessert huet, oder wa se eng lerschaft gemaach huet, oder soss iergendeppes an hirem Liewen agetratt ass, wat changéiert huet. Et ass ëmmer eng Kann-Bestëmmung, et ass ni eng Muss-Bestëmmung. Dat heescht, et gëtt dann all eenzelne Fall gekuckt, an et gi relativ vill - wéi soen ech dat? - Recoursë gemaach géint Décisionen, wou dann eventuell Suen zréckgefrot ginn, wou d'Leit da mat méi oder mander gudden Argumenter kommen, fir dann awer net mussen erëm zréckbezuelen. Mä wéi gesot, et ass awer eng Bestëmmung, an et geet och no deene Kritären, wou mer eigentlech och elo Erfahrungen am Fong hunn. Et ass also an deem Sënn näischt Neies, wat mer aféieren.

Dem Här Hoffmann géif ech wëlle soen, datt mer jo eigentlech virgesinn herno, datt et net nëmmen op lokalem Plang ass, wou dat hei ka geschéien, mä op regionalem Plang. Ech fannen do déi Iddi gutt, déi jo justement développéiert gouf, och vun all deenen Office-socialen, déi bis elo am Norde bestanen hunn, fir sech do an engem eenzegem ze regroupéieren, wou quasi e ganze Kanton mateneen do schafft, a wou natierlech dann och eng ganz Partie Kompetenzen do beienee kënnen kommen, déi dann och verschiddenaarteger Formationen kënnen sinn, fir dann och domadder besser kënnen op déi eenzel Besoinë vun de Leit anzegoen, wéi dat bis haut de Fall war.

Mir hunn och an deem Gesetz drastoen, besonnesch och op d'Demande ëmmer erëm vun de Leit aus deene südleche Gemengen, fir ze soen: „6.000, dat riskéieren der nach ze vill ze sinn“, fir eben also och ze kucken, wa besonnesch Situatiounen an eenzelne Gemengen, an eenzelnen Offices sociaux sech géife presentéieren, datt och da kënnit zousätzlech Personal agestellt ginn, esou wéi dat, wéi gesot, am Projet selwer virgesi ginn ass.

Ech hoffe virun allem, datt mer et domadder fäerdeg kréien, datt déi vill Servicier, déi mer zu Lëtzebuerg hunn, och domadder besser zesummeschaffen, datt um Feld, um Terrain fir déi eenzel Leit, déi Hëllef brauchen, dat sech besser auswirkt.

Ech wollt lech just vläicht e puer Zifferen soen an och eng Rei vu Servicier soen oder Aktivitéiten, déi mer an der leschter Zäit gemaach hunn, déi jo justement géint d'Aarmut solle sinn.

Dir wësst, datt vum Chèque-service eng vun deenen Ursachen, firwat mer dat géife maachen, déi ass, fir eben och géint d'Kanneraarmut virzegoen. An do ass et interessant ze gesinn, datt mir gerechent hunn, datt 2.500 Kanner a Famillje sinn, déi den RMG kréie respektiv nach 1.500 Kanner kéinte sinn a Situatiounen vun Aarmut, wat also 4.000 Kanner am Ganze géif ausmaachen, mer awer elo gesinn, datt der 1.500 nëmme profitéieren iwwert de Chèque-service, fir eben och deene Kanner awer besser kënnen ze hëllefen.

Ech wollt vun dëser Plaz och jiddwereen nach eng Kéier, deen iergendwou eppes domat ze dinn huet, ob dat an de Schoulen ass, ob dat an de Maisons relais selwer ass, ob dat d'Assistentes sociales sinn, opruffen, wierklech och deene Leit, déi dat vläicht haut net wëssen, ze soen, datt och fir déi 3.000 Kanner, déi elo nach do sinn an déi net dovun profitéieren, dat eng Méiglechkeet ass, fir datt se mëttes ze iesse kréien, datt een do ass, dee se surveilléiert bei hiren Hausaufgaben an esou virun. Do gesitt Der och, datt mir gemengt hunn, all Mënsch géif eppes wëssen iwwert dee Chèque-service. Datt dat also manifestement nach net ëmmer de Fall ass, denken ech, geet aus deenen doten Zifferen ervir.

Mir hunn och an deene leschte Joren eis vill beméit, fir dorëmmer Gemengen ze fannen, déi mat op de Wee géife goen, fir Logementer, besonnesch och fir Leit, déi schlecht dru si respektiv fir Obdachloser, ze maachen, a besonnesch ass ëmmer erëm gesot ginn, mer wéilten net méi, datt ähnlech Strukture wéi de Foyer Ulysse géifen opgemaach ginn. Duerfir ass et vläicht och interessant ze héieren, datt mer de Moment am Ganze 558 esou Logementer hunn, an datt de Foyer Ulysse 64 Plazen huet, wat also och weist, datt dat der nach 500 awer iwwert d'Land verdeelt sinn.

Mir sinn elo de Moment amgang mat der Gemeng Hesper, mat de Gemengen Ettelbréck an Tandel, wou zousätzlech Plaze geschaf ginn, respektiv och mat der Gemeng Helmseng, an dann och d'Gemengen Diddeleng a Péiteng, déi sech bereet erkläert hunn, a wou meng Mataarbechterinnen do op d'Plaz waren, fir eben ze kucken, wat een do kënnit maachen. Esou datt Der gesitt - steter Tropfen höhlt den Stein -, datt een, wann ee laang genuch insistéiert, awer och da Leit fënnit, déi bereet sinn, mat op de Wee ze goen, fir eben och dat ze dezentraliséieren, wat natierlech de groussen Advantage huet, datt net alles nëmmen op enger Plaz ass, mä datt dat och e bësselchen iwwert d'ganz Land verdeelt ass.

Dir hutt vläicht gesinn, datt d'lescht Woch zu Esch d'Épicerie sociale vun der Caritas opgoung. D'nächst Woch wäert och eng Épicerie sociale zu Déifferdeng opgoen, déi géréiert gëtt vun der Croix-Rouge. Dat sinn also och Punkten, déi mer am Regierungsprogramm drastoen haten. Et wäerten an absehbarer Zäit och an der Stad Lëtzebuerg an zu Dikrech nach esou Servicier nokommen, fir och domadder deene Leit besser kënnen ze hëllefen, déi bis haut vläicht ëmmer just iwwer Sue gehollef kritt hunn, mä wou mer mierken, datt dat och net ëmmer dat ass, wat gebraucht gëtt, mä datt een och nach aner Mëttelen duerfir brauch.

E Wuert iwwert d'Agence immobilière sociale, déi och am Regierungsprogramm steet an déi zesumme mat dem Minister vum Logement opgaangen ass, a wou mer bis haut 160 interesséiert Propriétaires haten, déi sech gemellt hunn, bis elo 40 Logementer visitéiert goufen an der 21 bis elo géréiert gi vun der Agence immobilière sociale, bei 140 Demanden, déi bei hinnen eragaange sinn. Do gesitt Der also, wann een esou Servicier schafft - et ass jo elo nach net laang, wou déi funktionéieren -, datt awer eng relativ grouss Demande do ass, an dat dann och sécher deene Situatiounen entsprécht, a mer domadder och hëllefen enger Partie vun Aarmut hei zu Lëtzebuerg ze begéinen.

Merci.

► **M. le Président.**- Ech soen der Madame Familljeministesch Merci, a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 5830.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration.

► **M. Eugène Berger (DP).**- Här President, den Här Etgen huet mech mat procuréiert, ech sinn awer hei präsent an hu fir en aneren...

► **M. le Président.**- Mir wäerten dat redresséieren, Här Berger. Mir wäerten dat alles richteg procuréieren heiuewen. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 5830 ass ugeholl mat 51 Jo-Stëmmen, géint 6 Enthaltungen.

Résultat définitif après redressement: le projet de loi 5830 est adopté par 50 voix pour et 7 abstentions.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner (par M. Marcel Oberweis), MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mill Majerus (par M. Lucien Clement), Mme Martine Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Jean-Louis Schiltz, Marc Spautz, Lucien Thiel, Robert Weber (par M. Marc Spautz), Lucien Weiler, Raymond Weydert et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall'Agnol), MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel (par M. Carlo Wagner), Fernand Etgen, Claude Meisch (par M. Eugène Berger) et Carlo Wagner;

MM. Jean Colombero, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser; M. André Hoffmann.

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par M. Camille Gira), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter (par M. Félix Braz).

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

(*Négation*)

Dat schéngt net de Fall ze sinn.



Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass dat esou décidéiert.

Mir kommen elo zur Orientéierungsdebatt iwwert d'Klimakonferenz vu Kopenhagen. D'Riedezäit ass nom Modell 2 festgeluecht, an et hu sech bis elo schonn ageschriwwen: déi Hären Oberweis, Berger, Negri, Gira, Colombara an Hoffmann, an den honorabelen Här Fernand Boden presentéiert eis elo de Rapport vun der Commission du développement durable. Här Boden, Dir hutt d'Wuert.

2. 6082 - Débat d'orientation au sujet de la 15^e Conférence des parties à la Convention-cadre des Nations Unies sur le changement climatique (UNFCCC) à Copenhague

Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Fernand Boden** (CSV), *rapporteur*. - Här President, Dir Dammen an Dir Hären, bei der internationaler Konferenz vu Kopenhagen iwwert de Klimawandel vum 7. bis den 18. Dezember vun dësem Joer geet et ëm net manner wéi d'Zukunft vun eiser Äerd. Déi Décisiounen, déi do getraff ginn, oder och net getraff ginn, déi hu ganz sécher grouss Auswirkungen, och fir Lëtzebuerg. An duerfir war d'Kommissioun vun der nohalteger Entwécklung der Meinung, datt d'Chamber sech misst mat dëser Problematik befaassen.

Mir soen also der Conférence des Présidents Merci, datt eise Virschlag ugeholl gouf a mir haut kënnen hei an der Chamber eng Orientéierungsdebatt iwwert d'Konferenz vu Kopenhagen an iwwert de Klimawandel féieren. D'Kommissioun huet sech ganz vill Méi ginn, fir déi Debatt beschteens virzubereeden, an et wier wëschenswäert gewiescht, datt dës Debatt vläicht e bësse méi Zäit kritt hätt, well mer hu gesot kritt, et wier Modell 1 an net Modell 2, fir der Wichtigkeet vun dëser Problematik besser kënnen gerecht ze ginn. Ech huelen awer gären déi Offer hei un, fir dann nom Modell 2 ze fueren, dann hunn ech e puer Minutte méi Zäit fir hei ze schwätzen, well et ass viles ze soen.

Ech wëll mech awer a mengem mëndleche Rapport trotz allem esou kuerz wéi méiglech halen, mech op dat Wesentlecht beschränken, wat net ganz einfach ass, an da fir all Detailer op mäi schrëftleche Rapport hiweisen, dee mat Ausnahm vun enger Enthaltung eestëmmeg ugeholl ginn ass.

Op der Konferenz vu Kopenhagen soll en internationalen Accord négociéiert ginn, deen de Protokoll vu Kyoto ersetze soll. De Protokoll vu Kyoto, deen ass 2001 hei an der Chamber ratifizéiert ginn an en huet déi éischte Kéier verbindlech Engagementer geschaf a puncto Reduktioun vun den Zärgasen oder GESen, wéi se och genannt ginn, a besonnesch vum CO₂-Ausstouss. Dës Engagementer hunn an enger globaler Reduktioun vu fënnf Prozent vun de GES-Emissiounen bestanen, an dat a 37 Industrielänner an an der EU, während der Period 2008 bis 2012 am Verglach zu 1990. Dës Engagementer hunn awer vu Land zu Land variéiert, an ech wëll drun erënneren, datt Lëtzebuerg sech derzou verflücht huet, seng Emissiounen ëm 28% ze reduzéieren.

De Kyoto-Protokoll gesäit dräi Haaptmechanisme vir, fir deenen eenzelne Parteien ze hëllefen hir Objektiv ze erreechen, an zwar de System vum Austausch vun Emissionsrechter, de Mechanisme vum sougenannten Développement propre, den MDPe wéi se genannt ginn, an dann d'Mise en œuvre conjointe vu Projeten, MOCen. A senger aktueller Version, ech mengen doriwwer besteet Eestëmmegkeet, erlaabt de Kyoto-Protokoll et net, fir eise Klimasystem ze stabiliséieren.

Nei Engagementer, déi méi ambitiéis sinn, déi méi ëmfaassend sinn, sinn onëm-

gänglich, wann een de Klimawandel bremsen oder stoppe wëllt. Well datt de Klimawandel stattfënnt, ass kaum nach ze bestreiden, mat allem Misär, mat allem Leed, deen dat schonn elo Joer fir Joer a ville Géigende vun der Welt mat sech bréngt. An d'Auswierkunge vum Klimawandel wäerten ëmmer méi dramatesch ginn, wa keng geziilt, wa keng wäitgräifend Moossnamen ergraff ginn.

D'Wëssenschaftler aus der ganzer Welt, déi sech am März vun dësem Joer zu Kopenhagen getraff hunn, fir hir rezentst Kenntnisser iwwert de Klimawandel auszutauschen, déi hu sech ganz alarméiert gewisen iwwert den Zoustand vun eisem Planéit. Et dierf net méi laang gezéckt ginn, fir ze handeln. D'Chancen, fir d'Tendenz vun Klimawandel ëmzedréien, gi ganz schnell méi kleng. E besteet grouss Eestëmmegkeet ënnert de Wëssenschaftler, a Gott sei Dank och ëmmer méi ënnert de politesch Responsabelen - dat war zum Beispill de Fall beim Sommet vun Aquila am Juli vun dësem Joer, wou och déi grouss emergent Ekonomië vertratt waren -, also Eestëmmegkeet doriwwer, datt déi weltwäit Klimaerwärmung op kee Fall zwee Grad Celsius iwwerschreiden dierf.

Déi wëssenschaftlech Etüde vun de Klimaexperte weisen, datt dës zwee Grad Celsius Limite bedeit, datt déi weltwäit Emissionsreduktioun bis 2050 op d'mannst 50% bedroe muss am Verglach zu 1990, an datt d'Uwuesse vun den Emissiounen misst bis 2020 zu Enn sinn. De „Peak“ vun Emissiounen, dee misst also spéitstens schonn 2020 erreecht ginn. Dat ass awer nëmmen de Fall, wann déi industrialiséiert Länner hir Emissiounen bis 2020 ëm 25 bis 40% reduzéieren a bis 2050 souguer op d'mannst ëm 80%.

Och de Conseil de l'Europe huet an enger rezenter Resolutioun drop insistéiert, datt et zu Kopenhagen zu engem Accord soll kommen, deen dësen Erkenntnisser Rechnung dréit an deen eng weltwäit staark Reduktioun vun de GES-Emissiounen virgesäit. Duerfir muss sech all Länner un deem Accord bedeelegen an hire Méiglechkeeten no Effortë maachen.

Déi industriell Länner mussen mam gudden Beispill virgoen a weisen, datt eng staark Reduktioun vu GES-Emissiounen méiglech an och souguer ekonomesch tragbar ass. Et ass en effikassen internationale Kader néideg, deen et erméiglecht, adequat Spillregelen, Instrumenter an Incitatiounen ze schafen, fir den Handel mat Emissionsrechter méiglechst effikass ze gestalten a fir d'Investitiounen an eng kuelestoffaarm Technologie an Economie ze favoriséieren, dat souwuel an entwéckelte wéi och an den Entwécklungslänner.

De Kyoto-Protokoll, dee leeft Enn 2012 aus. D'Zäit drängt also fir zu engem neie globalen an ambitiësen internationalen Accord ze kommen. Datt ee schnell zu esou engem Accord kënn, imposéiert sech och aus Grënn vun elementarer sozialer Gerechtegkeet, well ouni Accord wäerten déi ärmste Länner d'Haaptaffer vun de klimatesche Verännerunge ginn. Si sinn nämlech besonnesch vulnérabel.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, wéi Dir all wësst, huet d'Nohaltegkeetskommissioun am Virfeld vun dëser Orientéierungsdebatt zum Sommet vu Kopenhagen, an zwar den 21. Oktober, en öffentliche Hearing an der Chamber organiséiert, wou verschidden Organisatiounen invitéiert goufen. Dës waren: de Panel 180°; de Mouvement écologique; Votum Klima; de Syvicol; d'Klimabündnis Lëtzebuerg an déi verschide Chambres professionnelles.

D'Zil vum Hearing war et, datt dës Acteuren aus der Zivilgesellschaft kéinte Stellung huelen zu deene villfältegen Aspekter vun dësem komplexen, awer ganz wichtege Thema.

Fir datt dat Ganzt méiglechst geuerdnet a strukturéiert oflaffe sollt, gouf e Questionnaire ausgeschafft a virum Hearing un déi verschidden Associatiounen verschéckt. Sou konnten d'Diskussiounen besser kanaliséiert an den Themeberäich méi kloer ofgestach ginn.

Eng zentral Fro war et erauszefannen, wat a wéi Lëtzebuerg kann zu den internationalen Ustrengunge bäidroen, mam Zil,

den Ustieg vun der globaler Temperatur wäitméiglechst ze limitéieren, op jidde Fall ënner zwee Grad Celsius.

D'Ëmweltorganisatiounen Votum Klima, Mouvement écologique an de Panel 180° hunn d'Drénglechkeet vun der Klimaproblematik ënnerstrach an d'Konsequenzen opgezielt, déi e Manktum u Courage an dëser Saach géife mat sech bréngen.

De Syvicol an d'Klimabündnis Lëtzebuerg hunn op de méigleche Bäitrag vun de Gemenge beim Kampf géint d'Ärderwärmung higewisen, an och d'Berufschambere koumen zu Wuert. Jiddwereen huet d'Importenz vun der Konferenz vu Kopenhagen unerkannt an et ass unisono ënnerstrach ginn, datt en Accord zu Kopenhagen néideg wär. Et misst dobäi e Gläichgewicht fonnt ginn tëschent Ëmweltaspekter, Klimaaspekter engersäits, a wirtschaftlechen a sozialen Aspekter anersäits.

Natierlech hunn d'Ëmweltorganisatiounen eier drop higewisen, datt mer wäit ewech si vun den Objektiv, déi mer eis am Kyoto-Protokoll gesat hunn, an datt méi politesche Courage néideg wär, während aner Associatiounen éischter op den eventuellen Impakt vun ze vill Ëmwelt- an CO₂-Reduktiounsmoossnamen op d'Wirtschaft an d'Beschäftegung higewisen hunn.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, léif Kolleeginnen a Kolleegen, erlaabt mer, datt ech op e puer Punkten aginn, déi am Laf vum Hearing vun deene verschiddenen Acteuren gesot goufen. Fir den Detail vun de Bäitrag an der Diskussioun verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport.

Et gouf allgemeng d'Meenung ausgedréckt, datt virun allem d'Secteur vun der Mobilitéit, dem Bau, der Landwirtschaft an de Finanzen verstärkt mussen an de Kampf géint de Klimawandel agebonne ginn. Zudeem muss nach méi wéi bis elo op erneierbar Energie gesat ginn.

D'Ëmweltorganisatiounen stinn de sougenannten MDP-Projeten - also Mécanismes de développement propre - relativ kritesch géintiwwer. Bei dësem System kënnen industrialiséiert Länner a méi aarme Länner Projete finanzéieren, déi derzou bäidroen, den CO₂-Ausstouss an dës Länner ze reduzéieren oder ze évitéieren, an als Belounung kréien dann déi industrialiséiert Länner Kreditter guttgeschriwwen, déi se kënnen benotze fir hir eegen Emissionsobjektiv ze erreechen.

De Mouvement écologique an och anerer, déi sinn der Meenung, datt een, amplaz an deelweis zweifelhaft a kontraproduktiv Projeten ze investéieren, besser sollt déi Zomme benotzen, fir de System vun eisem Wirtschaftswuesstem an eng méi ëmweltfrëndlech Richtung ze orientéieren.

D'Berufschambere virun allem haten zu den MDP-Projeten awer vill méi eng nuanzéiert Meenung. A puncto Flexibilitéitsmécanismë vum Kyoto-Protokoll hu si festgestallt, datt dës u sech net problematesch, jo souguer fir den Technologietransfert an d'Entwécklungslänner wichteg a fir Lëtzebuerg onëmgänglech sinn, mä datt se ganz einfach an der Praxis net zefridde stellend fonctionnéieren.

Et mussen méi kloer Spillregelen a besser Kontrollmechanismen agefouert ginn. Dat soll awer net verhënneren, datt Lëtzebuerg prioritär op nationalem Plang Moossname muss huelen, fir sengen Engagementer gerecht ze ginn.

Am Hearing hu sech opgrond vun eiser Frostellung och nach aner ganz interessant Aspekter erausgeschielt, vun deenen ech der e puer wëll hei opzielen. Déi meescht waren der Meenung, datt, falls d'USA oder aner wichteg Schwellelänner wéi China, Indien, Brasilien a Mexiko, aus wat fir engem Grond och ëmmer, zu Kopenhagen net un engem Accord sollten deelhuelen, d'EU a besonnesch Lëtzebuerg déi moralesch Pflicht hätten, hir Efforten am Beräich vum Klimawandel awer weiderzedreiwen an e Reduktiounszil vun 30% unzestriewen, op d'mannst awer d'Moossname vum EU-Klima-Energie-Paquet ze verwierklechen.

Déi international Berechnungsmethod vun den Emissiounen vu GESen nom Prinzip vun der Territorialitéit huet net nëmmen Nodeeler fir Lëtzebuerg, ass festgestallt

ginn, besonnesch wat d'Produktioun vun Electricitéit ubelaangt. Si ass fir Verschiedener awer nëmmen akzeptabel, wa genuch Flexibilitéit fir aussergewöhnlech Emissiounen besteet, fir déi ze neutraliséieren.

D'Entwécklungshëllef dierf op kee Fall mat den Hëllefen am Kader vum Klimawandel vermëscht ginn. Doriwwer bestoung eng quasi Eestëmmegkeet.

Fir datt mer eis Kyoto-Ziler erreeche kënnen, brauch Lëtzebuerg eng couragéiert Politik, ass zum Ausdrock komm. Et muss eng global Strategie entwéckelt ginn, awer och sektoriell Strategien. Sou muss zum Beispill de Bausecteur iwwerduecht ginn. Et ass gesot ginn, mir géifen nach vill ze vill Haiser bauen, déi Energiefriesser wäeren, amplaz Niddregenergie- oder Passiv-Haiser. Den ekologesche Gedanken an Energiespuermoossname missten och fir d'Renovatioun vun alen Haiser méi am Vierdergrond stoen. A puncto Transportwiese misst weiderhin u propperen Technologie fir d'Automobilindustrie geschafft ginn an den öffentliche Transport muss ausgebaut a méi attraktiv gemaach ginn.

Et ass och iwwert d'Landwirtschaft Rieds gaangen an et ass gesot ginn, och wann d'Landwirtschaft eng wichteg Quell vu GES-Ausstéiss ass, sou baut se awer der och eng ganz Partie of. Säit 1990 gëtt et eng Baisse vun 8% vun den Emissiounen an der Landwirtschaft. Et muss ee sech awer weiderhi bewosst sinn, datt d'Landwirtschaft e Secteur ass, dee ganz sensibel op de Klimawandel reagéiert. Et wier also néideg, eng regelrecht Recherche- an Entwécklungspolitik ze bedreiwen an dësem Beräich, fir déi landwirtschaftlech Aktivitéit méi nohalteg a méi effizient ze maachen an hir Bedeelegung un der Produktioun vun alternativen Energien ze stäerken.

Et wier natierlech och en Appel un d'Konsumenten ze riichten, datt si hir Verantwortung sollten a puncto Klimaschutz iwwerhuelen a se sollte méi staark op regional Produkter zrëckgräifen an esou den lesswuerentourismus mat laangen Transportweeër hëllefen ze vermeiden.

Et gouf vun alle Säite Kritik um bestehende Primeren- a Subventionssystem, well dës ganz deier wär an d'ekonomesch Acteuren an enger gewësser Hisiicht géifen deresponsabiliséiert ginn. Et missten op jidde Fall sozial Kritäre bei der Verdeelung vun de Subsidien a Primë matspillen. D'Regierung misst d'Festleeë vun neie Standarde privilegéieren, nom Motto: Fördere jo, mä vill méi fuerderen. De Klimaschutz hätt nämlech säi Präis.

Et ass kee Wonner, datt d'Thema Tanktourismus och ganz kontrovers op deem Hearing diskutéiert ginn ass. D'ekologesche Associatiounen verlaangen, datt mir fir den Tanktourismus, dee ronn 40% vun de gesamten CO₂-Emissiounen vu Lëtzebuerg duerstellt, kuerzfristeg Léisunge misste fannen.

Anerer sinn der Meenung, datt mer besonnesch an der heiteger Situatioun kuerzfristeg net op déi ronn eng Milliard Euro Recettë verzichte kéinten, déi duerch de Verkaf vu Bensin an Diesel an d'Statskeess fléissen, an et misst een och berücksichtigen, datt ronn 2.000 Leit duerch den Tanktourismus eng Aarbechtsplaz hunn. Et misst ee bei dëser Problematik also méi virsiichteg a méi progressiv virgoen.

Zum Thema Tanktourismus erlaabt de Rapporteur sech och eng Suggestioun ze maachen: Ech mengen, d'Regierung sollt méiglechst schnell eng Etüd maache loosse iwwert den Impakt op eisen CO₂-Ausstouss an och op eis Statsfinanze vun deene groussen Entwécklungen, un deenen am Moment ganz intensiv an der Automobilindustrie geschafft gëtt, hin zu Autoe mat manner Verbrauch, mat manner CO₂-Ausstouss an zu elektresch gedriwwenen Autoen.

D'Fro vun der Noutwendegkeet vun engem neie Wuesstemsmodell ass och opgeworf ginn am Hearing. Misst d'Problematik vum Klimawandel net derzou féieren, fir d'Qualitéit an d'Quantitéit vun eisem aktuelle Wuesstemsmodell a Fro ze stellen?

D'Meenung ass ausgedréckt ginn, datt Lëtzebuerg wäert Problemer kréien, be-